

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13001LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akten
Bünebiller:	1/ an engem Café
Spildauer:	130 Min.
Rollen:	8
Frauen:	4
Männer:	4
Rollensatz:	9 Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00 €	

13001LU

Al Frënn

Esou gesäit een sech erëm

Alte Liebe rostet nicht

(Kaméidistéck an 3 Akten
vum
Jos Weimerskirch

Inhalt :

D'Ketty an hire Mann de Franz Guddekaaf hunn hire Café zougemaach well si sech do mat hirer Bekannter, enger Contesse, treffe wëllen. Fir e gudden Androck ze hannerloossen soll hir Serveuse Anne hinne beim Bekäschtegen hëllefen. Dass Contesse eng opreegend Vergaangenheet huet weess net nëmmen d'Anne mee och de Raym [dem Doris säi Brudder] an de Jang [dem Ketty säi Brudder].

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Persounen:

Ketty	Wiertsfra	
Franz Guddekaaf	Dem Ketty säi Mann	
Anne [Annette]	Serveuse aus dem Café	
Sandy	Cliente aus dem Café	
Jang	Dem Ketty säi Brudder	
Doris	Den Ketty seng Cousine	
Raym	Dem Doris säi Brudder	
Blanche	Eng Nopesch	
Tréis, Contesse	Eng al Bekannten vun de Wiertseleit	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

(Maer sinn an engem Café. Et sinn do 3 Sortien, eng no baussen, eng an d'Annexe, an di drëtt an d'Kummeren.)

Szeen 1

(D'Ketty ass aleng op der Bün.)

Franz *(vu baussen)* Wou ass meng Krawatt?

Ketty *(generft)* Virun dengem Aen.

Franz *(kënnt eran)* Kann s Du maer e Knuet maachen?

Ketty So wéi al bass Du?

Franz Ebe grad. Fir dat a mengem Alter ze léieren ass et ze spéit.

Ketty *(weist op seng Krawatt)* Du wäers jo virun der Contesse net op d'Iddie kommen mech ze froen fir Daer deng Krawatt ze bannen.

Franz Esou kënnt den Haer Guddekaaf, a menger bescheidener Persoun, am Alter vun 69 Joer derzou, am Dag eng frësch Krawatt unzedoen.

Ketty Du versich s jo d'Krawatt beim Ausdoen iwwert de Kapp ze strëppen ouni, dass de Knuet lass geet. Ech ginn Daer muer de Mëtten eng aner kafen.

Franz Um wéivill Auer kënnt de Jang?

Ketty *(hieft d'Schëller)* Kee weess et.

Franz *(ganz fataliste)* An hien seet eis et och net.

Ketty Ech hunn d'Anne gefrot fir eis e bëssen ze hëllefen.

Franz D'Annette?

Ketty *(nodenklech)* D'Anne! Vun elo un nenne maer et Anne.

Franz Fir wat? Maer hunn et dach ëmmer Annette genannt.

Ketty *(verleeën)* Am Bordell och. Do hunn se hat och Annette genannt.

Franz Maer huet Annette nach ëmmer gefall. Dat wierkt méi kleng méi unzéiend.

Ketty Da brauch s de hat jo just "klengt Anne" ze ruffen.

Franz Du wäers jo net mengen, dass wann een de Numm ännert, een dann och seng Vergaangenheet ännert. D'Contesse weess vu wat ech schwätzen.

Ketty Et kënnt net a Fro, dass si dat gewuer gëtt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Franz Ech erënneren dech drun, wéi s Du dech am ganzen Duerf gebretzt hues iwwert däi gudde Charakter, wéi maer hat als Serveuse engagéiert haten (*imitéiert d'Ketty*) Am Liewen Madame, weess ee ni wat op een duer kënnt.

Ketty Bis ewell huet do och ni een en Hoer an der Zopp fonnt.

Franz (*sérieux*) Wann een eppes soe géif, géif ech dee "Killen". Op seng Gesondheet do huet et opgepasst. Et besteet guer keng Gefor hat der Contesse ze presentéieren. (*imitéiert d'Passanten*) D'Ketty huet en Häerz wat net mat Gold ofzeweien ass. Kenn Daer di kleng Serveuse déi bei him schafft?

Ketty Da muss d'Contesse hat emol fir d'éischt begéinen.

Franz Du wëlls hat jo awer net aspären?

Ketty Hat schützen, et gëtt kenge penibele Froen ausgesat.

Franz Ech erënneren dech, dass maer hei e Café bedreiwen.

Ketty Dee maache maer esou laang zou wéi si et gären hätt.

Franz Hat wëll villäicht och mat anere Leit ze ginn hunn.

Ketty Wann hat eis geschriwwen huet, dann ass et fir eis ze gesinn a net fir di aner.

Franz Du bass dat eenzeg wat ni geplënnert ass. Wéi hat fortgaangen ass, haten deng Elteren dëse Café.

Ketty Kanns Du Daer virstellen, dass hat eng räich Fra ass?

Franz (*ganz ouni Interessi*) Dat ass net mäi Genre.

Ketty Mengs Du hat hätt Loscht, dass hei e ganze Koup Heescherten optauchen déi him säin Erfolleg opdëschen fir un säin Fric ze kommen.

Franz Mengs Du déi géifen dat maachen?

Ketty Wien?

Franz Ma d'Leit dobaussen.

Ketty Mat Sécherheet.

Franz Wann d'Leit hir näischt vergonnen, da "killen" ech se.

Ketty Virun hir hält s de op d'Leit all 15 Sekonnen wëllen ze "killen".

Franz Mengs de an der haiteger Zäit géif keen dat maachen?

Ketty Dach. Mee dat seet ee net.

Franz Gudd, wann et dann néideg gëtt bréngen ech "deen " ëm ouni dovunner ze schwätzen.

Szeen 2

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(Et klappt un der Dier.)

Anne *(vun do baussen)* Ech sinn et d' Annette. *(D'Ketty mécht Dier op)* Gudde Moien Madame Ketty!

Ketty *(Genéiert net "Annette" ze soen)* Gudde Moien.

Franz *(spillt de Mann vu Welt)* Gudde Moien klengt Anne!

Anne *(mengt e Witz ze rappen)* A wien "kill" Daer haut, Haer Franz?

Franz *(spillt de Mann vu Welt)* Dat si Saachen iwwer déi schwätzt ee net klengt Anne!

Anne *(bewonnert de Franz an der Tenue)* Esou eng Visite vun enger Contesse changéiert awer direkt d'Ausgesinn.

Ketty Wat ziels du do Annette?

Franz *(verbessert)* Klengt Anne.

Ketty *(vun uewen erof)* De Monsieur ass dach ëmmer esou ugedo.

Anne A sou?

Ketty *(vun uewen erof)* Ob alle Fall, schwätzt Du just wann s Du gefrot gëss.

Franz *(spillt e Mann vu Welt)* Do dru muss Du dech winnen klengt Anne well elo zerwéiers Du besser Leit.

Anne Ech hu wierklech schonn all Zorte vu Leit zerwéiert.

Franz *(verbessert)* Kee weess, klengt Anne, wou d'Weeër vum Liewen eis nach hiféieren, *(eng Paus)* am Liewen.

Ketty Am Fong. Et mécht Daer jo näischt aus wa maer dech Anne nennen! Maer erwaarden eng Perséinlechkeet déi mengt dee Numm géif besser zu Daer passen.

Anne Maacht Aech keng Suergen Madame Ketty. Di besser Leit, kennen ech. Madame Ketty, gleeft et oder net, mee bei der Madame Rosette sinn ech deenen begéint.

Ketty *(genéiert)* Anne!

Anne Gleeft Daer maer net?

Ketty Dat ware Männer, maer treffen eng Fra.

Anne A wat fir enger Welt leeft Daer Madame Ketty? Bei der Madame Rosette hu maer jiddereen zerwéiert, mat Ausnam vun deene Mannerjärengen. Do ware Männer, Fraen, alles. Gleeft maer ech hunn och bedeitend Dammen zerwéiert. Gleeft maer Aer Kusinne schwätzt sécher iergendwann nach vun enger Dame déi ech kannt hunn *(eng Paus)* intim.

Ketty Falls dat geschidd, hoffen ech dass Du näischt sees.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Anne Keng Suerg, Madame Ketty. Ech weess mech ze behuelen. Bei der Madame Rosette do huet een sech och misse wëssen ze behuelen. Zum Beispill wéi ech do ukomm sinn. Deemools huet Madame Rosette nach fir sech selwer bezuelt. Natierlech hu maer eis do a verschiddenen Positiounen getraff, ech beschreiwen Aech se net a loosse ech do fräie Laf. *(eng Paus)* Mee ech hätt si ni geduuzt. A gleeft maer no 20 Joer géif ech se nach net duzen, Si ass a bleift fir mech d'Madame Rosette. A jo Madame Ketty, sou war dat bei der Madame Rosette.

Franz *(ameséiert)* Anne, berouegt d'Madame Ketty!

Anne Wann ech Aech e Rotschlo gi kann. Loosst Aech net vun enger Contesse impressionéieren. Eng Contesse ass eng Fra wéi all aner och, just dass si e Conte bestuet huet

Ketty *(schockéiert)* Annette!

Franz *(verbessert)* Klengt Anne!

Anne Ech hunn eng Frëndin wat Duchesse gouf!

Franz Klengt Anne, Daer hutt net ganz Onrecht. Wéi hat gaangen ass war d'Thérèse wéi ech. Bon, esou ongeféier.

Anne *(zéckt)* Mat engem klengen Ënnerscheid!

Ketty *(zum Anne iwwert Daer hire Witz entsat)* Annette!

Franz *(verbessert)* Klengt Anne!

Ketty *(eng Paus)* Sécher wéi et bestuet gouf war et wéi maer. Mee a 50 Joer huet et sécher gudd Manéieren geléiert, an déi hunn et mat sech bruecht, dass et net méi esou ass, wéi maer sinn.

Anne Kënnt hire Conte mat?

Ketty Ech fäerte net. Hien hat 85 Joer.

Anne Wéi e gestuerwen ass?

Franz Nee, wéi se sech bestuet hunn.

Anne An hat?

Ketty *(wëll den Altersënnerscheid verniedlechen)* Hat war manner jonk wéi et ausgesinn huet.

Franz Et war ob mannst 17 Joer al.

Ketty *(beméit seng d'Cousine ze verdeedegen)* Jo an? Et gi vill Jonker déi sech mat Ale bestueden.

Franz *(vergéift)* Esou een muss ee fannen. *(eng Paus, dann nostalgesch)* Bedenkt deen Ale konnt sech net bekloen. Hat war e schéint, eist Thérèse *(denkt un hat)* E flotte Käfer, och an engem Alter wou een hat fir ... *(D'Anne laacht a stellt sech de Franz mat engem Meedchen vu 17 Joer vir)* Lach net klengt Anne. D'Frae brauchen een mat Erfahrung.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Anne (*denkt un hir fréier Carrière*) Ech kann do net kloen.

Franz Ech schwätzen am allgemengen vu Fraen. Du bass do e bëssen speziell. Mee am allgemengen sichen d'Fraen ee mat Erfahrung. (*denkt nees un d'Thérèse*) A wat se méi jonk sinn, wat se éischter een mat Erfahrung sichen.

Ketty (*hält de Publikum als Zeien*) Hien schwätzt net vun den Erfahrung Mëttes, mee vun der vun Owes.

Szeen 3

(*Sandy kennt eran.*)

Sandy Gudde Moien.

Ketty (*zum Anne*) Fir wat hues Du d'Dier net hannert Daer zougespaart?

Anne (*éierlech*) Well Daer mech dat net gefrot hat.

Ketty Dat war eng schlau. Entschëlleg mech Sandy! Haut ass zou. Kee vun eise Clienten kennt haut eran.

Sandy (*traureg, zum Ketty*) Du hues maer ëmmer gesot ech wier an dengem Ae kee Client.

Franz (*ganz als Mann vu Welt*) Sécher, dat ass jo och net ganz falsch.

Sandy Daer sidd awer haut komesch ugedo Haer Guddekaaf!

Ketty Maer kréien haut Besuch.

Sandy (*ganz scholdvoll*) Ketty, Du schumms dech wéinst menger.

Ketty Iwwerhaupt net.

Sandy (*ganz entschloss*) Da bleiwen ech.

Ketty Gudd, mee Du verspréchs maer näischt ze drénken.

Sandy Du bass di éischt Wiertsfra déi mech dat freet.

Ketty Du wäers och ganz léif, wann s de mech net méi Wiertsfra nenne géifs.

Sandy Wéi wëlls de dann, dass ech dech nennen?

Ketty Esou wéi jiddereen (*se hält se all als Zeien. Si froen sech all wat et seet an dann äntwert et*) Chef.

Franz (*hëlt d'Anne als Zeien*) oder Madame Ketty, sou seet jiddereen zu hir.

Sandy Gëtt bei deenen bessere Leit och net gedronk?

Franz Héchstwarscheinlech dach, mee ech weess net wéi een do mécht.

Anne Bei deenen bessere Leit do drénkt een jo och net do zappt ee just d'Lëps.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Franz Mat e bësse Chance zappt een esouguer di zwou.

Sandy Ech géif meng nawell gären an eng Taass Kaffi zappen.

Franz Super Iddie. Esou e klengt ufiichten géif menge Lëpsen och net schlecht doen.

Ketty Anne, kanns Du eis 2 Kaffi zerwéieren? Du kann s Daer och een huelen wann s de wëlls.

Anne Merci, Madame Ketty.

Ketty (*midd*) Nenn mech net méi "Madame Ketty"!

Anne Wéi wëll Daer dann, dass ech Aech nennen?

Ketty Nenn mech Chef.

Anne Aere Kaffi wéi ëmmer Haer Guddekaaf? Euh, Chef.

Franz Genau klengt Anne: e Stéck Zocker, an e klenge Schotz ...

Ketty (*ënnerbrécht*) Mëllech.

Franz (*gëtt no*) Ech drénken e schwaarz.

Sandy Annette, Du kéints e Schotz ...

Ketty (*ënnerbrécht*) Bass Du daf? Ech hat nee gesot.

Sandy Et ass jo net fir mech.

Franz Fir ween da soss?

Sandy Ech hat versprach maer ni méi een unzedrécken, mee ech hu jo awer sécher d'Recht bestellen ze däerfen wat ech wëll. Esou wäit ech weess ass de Client de Kinnek.

Franz Du bass kee Client. Du bass eisen Invité. Et huet ni ee gesot, dass den Invité Kinnek ass.

Anne Ëm esou besser! Et gëtt scho schwéier mat enger Contesse elo och nach e Kinnek... (*zum Sandy*) De Kaffi schreiwien ech deen op?

Sandy Wa se gesot hunn, dass ech en Invité sinn?

Franz Sandy esou bass Du, Du bass d'Sandy. (*eng Paus*) Dat ass flott. Sandy ass d'Sandy (*kuckt di aner*) Et ass net alles wäiss oder schwaarz.

Anne Hien ass heiansdo Poete, de Patron.

Franz Et ginn onmoosseg vill Faarwen.

Ketty Gro.

Anne (*ameséiert*) Hellgro an donkelgro.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlène vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Franz Rout, gréng ... Et ginn esou vill Faarwen wéi soss eppes. Maer zum Beispill maer hu Clienten.

Sandy An Invitéeën.

Franz (*fiert mat sengem Gespréich weider*) A maer hunn Invitéeën. Do gesäit een et gëtt net nëmmen schwaarz a wäiss.

Sandy Ech, ech un di aner Faarwe léiwer.

Franz D'Ketty an ech, maer sinn och méi frou mat deenen anere Faarwen. Dat ass och d'Ursaach fir wat maer esou frou mat Daer sinn. Du bass weder wäiss nach schwaarz. Du bass deng eege Faarf, Sandy. (*professionell*) Hei am Café bass Du d'Faarf déi maer nenne géifen: eng Invité wat ni bezilt.

Sandy A wat ass do den Ënnerscheid u engem Client?

Anne (*ameséiert*) Cliente sinn forcéiert hiert Gedréngs ze wielen.

Szeen 4

Jang (*vun do baussen*) Ketty, ech sinn et.

Ketty Mäi Brudder! Anne maach him op.

Jang (*kënnst eran*) Moien alleguer.

Franz An Eedem? Ass haut dee groussen Dag?

(*De Jang huet keng Krawatt, wat jidderengem opfällt mat Ausnam vum Franz.*)

Sandy (*zum Anne*) Dat gëtt Gestreits.

Anne Ech hu ganz deen Androck.

Jang (*zum Sandy an zum Anne*) Wat hu Daer?

Sandy/Anne Maer, näischt!

Ketty Deng Krawatt?

Jang Wat fir eng Krawatt?

Ketty Déi di s Du net un hues. Jang, Du hues deng Krawatt vergiess.

Jang Nee.

Ketty Dach.

Jang Nee.

Ketty Kuck dech am Spigel da gesäis de dat.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jang Da gesinn ech, dass ech keng Krawatt unhunn, mee ech gesinn net, dass ech se vergiess hunn.

Ketty Ech traue mech net de verstoen.

Sandy (*zum Anne*) Et ass net, dass et sech net traut. Et wëll net verstoen.

Ketty Du wëlls jo net Contesse empfänken ouni Krawatt?

Jang Dach.

Ketty Du awer net.

Jang Fir wat "ech" net?

Ketty A mengem Bréif hat ech hir geschriwwen Du häss en héije Posten um Steieramt.

Franz (*entsat*) Et war esou stolz op de Bréif.

Ketty (*bal um kräischen*) Wann hat dech ouni Krawatt gesäit, da mengt et ech hätt gelunn.

Jang Egal.

Ketty (*hoffnungslos*) Du has op der Aarbecht während 40 Joer eng Krawatt un.

Franz Kann een dat schaffe nennen?!

Jang Meng Schwëster weess, dass ech um Steieramt Kontroller war.

Franz Ech hu misse no bezuelen fir dat gewuer ze ginn.

Sandy Ech erënnere mech. Wat war dat eng Geschicht.

Jang De Kontroller, mäi Léift, dat ass deen, deen d'Leit emmerdéiert.

Franz Hues de et endlech kapéiert.

Jang Fir d'Leit däerfen ze nerven brauch een eng Krawatt. Ech hat deen Dekor während 40 Joer fir de Leit mäi Recht opzezwingen. (*zum Franz*) Gleef maer ech hunn dat di ganzen Zäit *gehaasst* (*zu alleguer*) Wéi ech dunn a Pensioun goug hunn ech meng Krawatt un de Nol gehaang a maer vir geholl ni méi eng unzedoen a ni méi d'Leit ze schikanéieren.

Franz Ech wousst ni, dass déi 15.000 € déi ech no bezuelt hunn esou un Daer schaffe géifen.

Jang Gleef maer, fir mech war dat méi deier ewéi fir dech.

Franz Dat kann ech maer net virstellen.

Jang Dat ass den Drama. D'Leit kréie ni mat wéi maer leiden.

Sandy (*ameséiert zum Franz*) Do gesäit een et ass net alles just schwaarz a wäiss.

Szeen 5

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Doris (*vun dobaussen*) An? Wat gött aus eis?

Ketty D'Doris? Wat mécht hat do?

Doris (*vun do baussen*) Coucou!

Ketty (*schwätzt ganz lues*) Mengs de hat hätt eis héieren?

Doris (*vun do baussen*) Ech weess, dass Daer do sidd.

Ketty Chut!

Doris Et notzt näischt roueg ze sinn ech hunn Aech duerch d'Schlëssellach gesinn.

Ketty (*gëtt sech geschloen*) Doris, bass Du et?

Doris (*vun do baussen*) Jo.

Ketty Bass de aleng?

Doris (*vun do baussen*) Jo.

Franz Dobäi soen se awer ëmmer de Pesch kennt ni aleng.

Jang Jo, mee hat huet keen Domme fonnt.

Ketty (*schäinhelleg*) Nee, wat fir eng Iwwerraschung.

Doris (*vun do baussen, guer net getäuscht*) Gesäis de.

Ketty Wat kann ech fir dech maachen?

Doris (*vun do baussen*) Ech wollt maer d'Strass schmieren. Ech mengen du hues jo e Bistro.

Ketty Do hues de haut keng Chance. Maer sinn haut zou. Et ass fir eng aner Kéier.

Doris (*vun dobaussen*) Méchs de da keng Ausnam fir deng Lieblingskusine?

Ketty Weess de, (*eng Paus, fillt sech net wuel a sicht no Wierder*) wa maer jiddereen erakomme loossen (*kleng Paus*) kënn jiddereen eran. (*eng Paus*) Da kéinte maer grad esou gudd oploossen.

Doris (*vun do baussen*) Net schlëmm da setzen ech mech hei op d'Trapp. Bréngs de maer e Kaffi heihin?

Ketty Bleift hat elo do?

Anne Wat soll ech maachen?

Sandy Ech géif him de Kaffi zerwéieren.

Doris (*sengt*) Et ass alles an der Réi, Madame la Contesse.

Ketty (*mécht him op*) Komm eran! Oder hues Du gemengt maer géifen dech dobausse loossen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Doris (*kënnt eran*) Natierlech (*et sengt*) Et ass alles an der Réi ...

Ketty Fir wat sengs Du dat Lidd?

Doris Et beschreift d'Ëmstänn.

Franz Hues Du d'Thérèse kannt?

Doris (*bestätegt*) Maer hu quasi een Alter.

Jang Ech ka mech net erënneren, dass Du mat eis eraus gaange bass.

Ketty Natierlech. Wéi d'Thérèse bestuet gouf, hat et 17 Joer. A well d'Doris 3 Joer manner al ass konnt hat jo net mat eis matgoen.

Doris Dach ech war mat Aech, och wann Daer maer ëmmer gesot hutt ech soll roueg sinn wann di grouss Leit schwätzen.

Franz Et ass komesch fréier ware maer verschidden al.

Doris Dat huet et jo awer net verhënnert, dass ech all aere klenge Geheimnisser op d'Spuer komm sinn. (*kuckt d'Ketty*) Do hätte verschidde Leit der laanscht d'Backe krut. Mee glécklecherweis hunn ech ni eppes weider gesot.

Jang Deemools.

Doris Wann ech deemools verzielt hätt wéi d'Thérèse mat deem alen Typ gedantz huet Wier hat ni Contesse ginn. Ech si maer sécher hat erënnert sech nach drun an ass maer erkenntlech.

Ketty Pardon. Mee deemools hu maer dat all gesinn an et huet keen vun eis dovunner geschwat.

Doris Jo, mee Daer hat all den Alter fir dat ze verstoen. Ech war deemools naiv an onschëlleg Ech hat näischt ze verheemlechen, wann ech dat gemaach hunn, da war dat just wéinst mengem Gewëssen.

Ketty (*iwwerdriwwen*) Du schwätz hei vu Gewëssen.

Doris (*natierlech*) Jo sécher.

Ketty Wat e Culot.

Doris (*ameséiert*) Vu wat schwätz du?

Ketty (*gëtt sech bewosst, dass et e Risiko ageet*) Ech hunn e Verhalt, dat ass alles.

Doris (*ironesch*) Erziel.

Ketty Ganz komesch.

Franz Ech hu ni verstan fir wat Daer Aech gestriden hutt.

Sandy (*platzt lass*) Kee Wonner.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Franz Wéi kee Wonner?

Doris (*gräift an*) D'Sandy wëll soen, dass dat eng Saach ass déi just maer Frae verstinn. Well s Du e Mann bass kanns Du dat net verstoen. Dat ass eng Saach vun Eier ënner Fraen.

Franz Fir wat kann ech dat net verstoen?

Ketty Hat hat der et elo grad gesot, well s Du e Mann bass. Du bass jo e Mann?

Franz (*acceptéiert deen Emstand*) Natierlech.

Ketty Also kanns Du et net verstoen.

Doris Fro de Jang. Ech si maer sécher deen huet och näischt verstanen.

Franz (*zum Jang*) Hues Du och näischt verstanen?

Jang (*zéckt a wénkt "Nee" mam Kapp*) Dat ass maer ze héich, ech verstinn dech éischter.

Franz Dat freet mech.

Jang (*kënnt senger Schwëster zur Hëllef*) Ech mengen ech ginn elo awer e Kostüm undoen. (*zum Franz*) Kanns Du maer ee léinen?

Franz Natierlech.

Ketty (*decidéiert vun der Geleeënheet ze profitéieren fir, dass säi Brudder eng Krawatt undeet*) Ech kommen Aech hëllef.

Jang (*hält hat aus der selwechter Ursaach zeréck*) Kënnt net a Fro dat ass eng Männersaach.

Franz Eng Männersaach!

Jang Ma gudd, Du léins mer een.

Franz Sécher.

(*Si ginn*)

Szeen 6

Doris Fräck, de Jang e richtegen Theaterspiller (*an enger selbtverstänneger Stëmm*) e gudde Brudder.

Ketty (*zum Sandy*) Du, du bass wéi eng Walz.

Sandy Ech hunn näischt gesot.

Ketty Wéi en Elefant an engem Parzeläingeschäft.

Sandy Fir wat? Ech hunn him net gesot, dass hat Daer däi Frënd ausgespaant hat.

Ketty Roueg.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Doris Ausgespaant, dat heescht genuch.

Ketty Wéi géifs de dat da soss nennen?

Sandy Ausgespaant.

Ketty Sief Du roueg.

Sandy Fir wat schwätzt Du esou mat maer, ech hunn näischt gedronk.

Ketty Genau dat mécht maer Suergen.

Doris Ech hunn Daer e net ewech geholl, Du bass eng bestuete Fra. Ech hunn dovunner profitéiert, dass ech Jonggesell war an och esou meng gewëssen Zort u Reizer hat. Déi hu gehollef, dass Du dengem Mann trei bliwwen bass.

Szeen 7

(De Raym klappt un der Dier.)

Ketty Nach een. Maer hunn zou!

Raym *(vun dobaussen)* Dat ass maer egal.

Ketty Raym?

Doris *(hëlt alles auserneen)* E Familljentreffen?

Ketty Wat mech s Du hei?

Raym *(vun dobaussen)* Ech drécken d'Dier aus der Zarge wa kee maer direkt opmécht.

(D'Ketty mécht him d'Dier op.)

Sandy Dee weess sech unzeleeën.

Doris *(voller Bewonnerung)* Moie Raym.

Raym *(kënnst eran a kuckt sech desinteresséiert ëm)* Si keng Männer hei?

Sandy Déi sinn sech undoen.

Raym Komesch Gebräicher.

Ketty Raym so maer séier wat s de hei méchs, maer hu vill ze dinn.

Raym Ech si komm fir enger aler Bekannter Moien ze soen. Kanns Du Daer virstellen vu wiem ech schwätzen?

Ketty Wéi? Du weess Bescheed.

Raym D'Doris hat maer eng Noriicht op de Repondeur gelooss.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Doris (*äntwert dem virworfsvolle Bléck vum Ketty*) Ass et net besser wa jiddereen Bescheed weess? (*zum Raym*) Fénnt s Du dat net och?

Raym Géff der keng Méi. Ech weess ganz genau, dass Du dat ganz op de Koup geheie wëlls. Jidderee weess, dass Du just deng Revanche wëlls.

Doris (*schockéiert*) Erstaunt dat vun Daer ze héieren.

Raym Deng Absicht ass erkannt. (*de Franz kënnt eran*) Moie Franz.

Franz Hei kuck emol. Elo ass d'Famille komplett.

Doris Och wa maer net richtig invitéiert goufen.

Raym Wat ännert dat?

Sandy Déi di net invitéiert goufen brauchen net ze bezuelen.

Raym Wat gelift?

Sandy Hei, ech zum Beispill ech sinn eng Invitéiert déi bezilt.

Doris A maer, maer sinn "di net invitéiert, di net bezuelen", hoffen ech.

Raym (*zum Ketty*) Wa maer elo vun de Net-invitéierte schwätzen, ass dän duerchdriwwene Brudder net hei?

Ketty En ass am gaangen sech unzedoen. Mee wann s de just komm bass fir him Virwërf ze maachen, kanns de nees goen.

Raym Et sief dann, ech maachen him keng Virwërf. Mee et ka kee mech hënneren haart ze denken, en ass scho schéin duerchdriwwen.

Franz Ech hu ni verstan wat s Du him virgeworf hues.

Raym Meng Kontroll vun der Steiererklärung.

Ketty Hien sot maer en hätt näischt fonnt.

Raym Genau.

Sandy Hien wollt bezuelen, et ass e Maso.

Raym (*dramatesch*) Wéi e fäerdeg war hat ech hien gefrot: Jang, so maer éierlech wann s de eppes fonnt hues. Hunn ech iergendzwoosch eppes ze vill uginn? Wësst Daer wat e gesot huet?

All: (*Di aner kucken e ganz perplex*) Jo.

Ketty A dofir schwätzt Du schonns zënter iwwer 10 Joer net méi mat eis?

Raym Gleeft Daer maer net?

Franz (*Franz denkt drun wat hien nobezuelte huet*) Dach!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Anne Wat kann ech Aech zerwéieren, Haer Raym?

Raym E Kaffi an 2 Croissanten.

Anne Maer hunn haut de Moien keng Croissanten.

Raym Da just e Kaffi.

Franz (zum *Ketty*) A wann d'Contesse eppes Klenges iesse well?

Ketty: Anne, géi séier e puer Croissanten kafen. Du gees hannen eraus.

(*D'Anne geet eraus.*)

Raym (zum *Ketty*) Ass hat eng Houer?

Ketty Raym!

Raym Wat ass? Ech froen dech ob dat dat Meedchen ass wat s du an de Bordell siche waars.

Ketty Ech fannen, dass Du als Professor e bessere Vokabuläre kéints hunn. Mee et stëmmt ech hunn hat net aus dem Mier gezunn.

Raym Dat Wuert Bordell oder Houer hunn a mengem Mond guer kee negative Klang. (*kuckt op de Franz*) Et brauch een heiansdo di Fraen, se sinn oft vu Notzen.

Franz Fir wat kucks du mech esou un wann s Du dat sees?

Szeen 8

(*Et klappt un der Dier.*)

Ketty Elo ass jiddereen hei. (*mat enger fester Stämm*) Maer hunn haut zou.

Contesse (*vun dobaussen*) Sinn ech hei beim Haer a bei der Madame Guddekaaf?

Ketty Jo.

Contesse Ech sinn et d'Thérèse.

Ketty D'Thérèse? Em Gottes Wëllen an d'Annette ass net do fir opzemaachen.

Sandy (*ironesch*) Mengs de ech kéint opmaache goen?

Raym Mach der keng Gedanken Thérèse, maer kommen! Maer brauche just bis bei d'Dier.

Sandy Gudd, ech ginn.

Doris Net néideg, ech ginn.

Ketty Dréckt Aech net vir. Et ass mäin Haus. (*a mécht der Contesse d'Dier op*)

Contesse (*kënnt eran*) Moien, ech sinn d'Thérèse.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty (*stellt sech vir*) Ketty.

Contesse (*erkennt d'Ketty*) Ketty, Du hues dech guer net geännert.

Ketty Du och net.

(*Se ëmäermele sech*)

Franz A 50 Joer krute maer keng Zäit fir eis ze änneren.

Contesse (*zum Franz*) Monsieur?

Ketty Erkenns Du mäi Mann net de Franz Guddekaaf.

Contesse Wat? Du hues dech mam Franz bestuet? Dee klenge Bauer deen all Kéiers ze spéit komm well en d'Kéi nach huet misse vun der Wiss huelen, deen eis erzielt huet säi Papp hätt eng Flënt an hien géif all déi erschéissen déi eis langweile géifen. Nee wéi komesch.

Franz Ech hunn Aech domadder just d'Langweiler verjot.

Contesse Dat hätt ech mer net erwaart. (*hëlt sech erëm*) Ech muss soen et war e flotte Borscht.

Doris Wann e bis gewäsch war.

Contesse (*zum Doris*) Du, Du bass dat klenkt Doris, dat wat iwwerall mat eis matgoe wollt.

Doris (*stolz dass et erkannt gouf*) Moien Thérèse.

Contesse (*zum Raym*) An, (*et zéckt*) moie Raym.

Raym Moien Thérèse. Wéi geet et? Maer hunn eis scho laang net méi gesinn.

Contesse Gudd a mat Daer?

Raym Et geet, ech si mat der Schoul fäerdeg.

Contesse A jo, deng Unis-Studien. Ech si frou, dass Du se zu Enn bruecht hues. An bass de bestuet?

Raym Nee.

Doris (*zu der Contesse*) En trauert nach ëmmer senger Jugendléift no...

Ketty (*ënnerbrécht*) Doris, pack dech.

Contesse (*zum Ketty*) An Däi Brudder?

Jang (*kënnt eran*) Do ass en. Egal wat se soen, ech bleiwen hei stoen. Ech stinn zu menger Devise. Eng Freed Aech ze dengen, Contesse.

Contesse Du hues dech guer net geännert. (*weist op d'Sandy*) An dat ass deng Fra?!

Sandy Nee, Ech sinn en Invité dee bezilt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Contesse Et freet mech. Thérèse.

Sandy Sandy.

Contesse Ganz schéine Virnumm.

Sandy Meng Elteren waren Dichter.

Contesse (zum Jang) Jang. So mer elo net Du wäers och Jonggesell bliwwen!

Jang Dach.

Doris (zu der Contesse) Anscheinend aus der selwechter Ursach.

Ketty (zum Doris) Doris géff dech.

Franz Ech héieren, dass d'Anne zeréck ass. (zu der Contesse) Wëlls de e Croissant?

Contesse Gären!

Jang Wéi wier et wa maer zesumme iesse géifen?

Franz Ganz gudd Iddie: Ech këmmere mech ëm de Kaffi.

Ketty Brauchs Du Hëllef Anne?

Anne (vun do baussen) Merci et geet.

(Hat gesäit Contesse a léisst d'Croissante falen.)

Ketty Wat e Geschéck!

Anne Pardon, ech war erféiert.

(D'Anne an d'Ketty leeën d'Croissanten nees op de Plateau.)

Franz Et ass net schlëmm. Maer hate gebotzt (eng Paus, en zéckt) Huesi, wéini hate maer gebotzt?

Ketty Di lescht Woch.

Franz Egal. Bei eis kënnen d'Clienten bezeien, dass ee bei eis vum Buedem iesse kann.

Raym Ëm esou besser.

Franz (rosen) Wann een de Contraire behaapt da ... (kuckt d'Ketty) Da weisen ech him wéi ech da reagéieren.

Ketty (zu der Contesse) Wëlls de Zocker Thérèse?

Raym Zweek (zum Thérèse) et sief Du häss geännert?

Doris Et ass gudd sech selwer trei ze bleiwen.

Bestimmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verléine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Ketty Doris géff dech.

Contesse Daer kënnt Aech net virstellen wéi frou ech sinn Aech alleguer erëm ze gesinn. Ech hat Angscht et wier schonn een nees net méi derbäi.

Jang Wéi wa maer stierwe wéilten ouni dech net virdru gesinn ze hunn.

Doris Maer hunn hei all op Dech gewaart.

Ketty Doris hal se.

Anne Madame la Contesse, eng Drëpp fir bei de Kaffi?

Ketty Annette!

Franz (verbessert) Klengt Anne.

Anne Wat ass? Dat maachen der vill a Südamerika (mat enger ënnerer Stëmm) Gell Dir Madame la Contesse?

Contesse Nu jee dat stëmmt.

Ketty A bon.

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"Al Frënn / Esou gesäit een sech erëm"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.

[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestimmungen:

Unerlaubte Aufführungen, unerlaubtes Abschreiben, Vervielfältigen oder Verleihen der Rollen müssen als Verstoß gegen das Urheberrecht verfolgt werden. Alle Rechte, auch die Übersetzung, Verfilmung, Rundfunk- und Fernsehübertragung sind vorbehalten. Das Recht der Aufführung erteilt ausschließlich unser Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de